Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

An domat géife mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6766. Et geet ëm d'Upassung vum Mindestloun un d'Lounentwécklung. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel.

8. 6766 - Projet de loi modifiant l'article L.222-9 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech presentéieren Iech de Rapport vun der Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale iwwert de Projet de loi 6766. Et geet ëm de Virschlag vun der Regierung, fir de soziale Mindestloun der Lounentwécklung vun de Joren 2012 an 2013 unzepassen. Dat geschitt no enger Rei vu Kritären, déi Dir a mengem Rapport konnt noliesen.

Zu de Kritären zielen och d'Population active an d'Salairen. D'Methodologie huet säit dem Aféiere vun dem Statut unique geännert, an op Basis vun deene Berechnunge komme mer op eng Progressioun, déi an der Period 2012 an 2013 liicht an d'Luucht gaangen ass. An duerfir soll de Mindestloun elo réckwierkend op den 1. Januar 2015 ëm 0,1% gehuewe ginn.

Déi lescht Augmentatioun ass an der Chamberssitzung den 18. Dezember 2012 gestëmmt ginn an an de Joren 2012 an 2013 ass et dräimol zu enger Augmentatioun vum soziale Mindestloun komm. Am Oktober 2012 ëm 2,5% duerch d'Indexupassung, am Januar 2013 ëm 1,5%, wat ech virdru gesot hunn, hei duerch e Vote an der Chamber, an dann nach eng Kéier am Oktober 2013, nach eng Kéier 2,5% duerch den Index.

Den net qualifizéierte Mindestloun, deen am Joer 2000 op 1.220 Euro war, géif dann elo fir den 1. Januar 2015 vun aktuellen 1.921,03 op 1.922,96 Euro klammen, wat eng Augmentatioun vun 1,93 Euro ass. Dat mécht eng Erhéijung vum Stonneloun vun elo 11,1042 op 11,1154. Am Joer mécht dat e Plus vun 23,16 Euro aus. Sécherlech ass et keng grouss Augmentatioun.

Ech gesinn et villméi als Bäibehale vun engem ganz eminent wichtege Prinzip, nämlech der Upassung vum Loun vun deenen, déi et am néidegsten hunn, vun deenen, déi op der ënneschter Leeder vun der Lounskala stinn. Fir déi Leit spillt dës Upassung net nëmmen eng finanziell Roll, mä och eng moralesch. Si kënne schwéierlech vum soziale Lift profitéieren, an duerfir ass et wichteg, dass mer hei en Zeeche setzen, fir dass och si net vergiess ginn an eiser Gesellschaft.

Et ass keen Automatismus, well am Code du Travail steet, dass dës Upassung le cas échéant soll geschéien, a grad dëse Cas échéant, dëse Fall ass elo agetratt. An duerfir ass d'Propositioun vun der Regierung awer e wichtegt Zeechen, e Signal, dass och a schwieregen Zäiten, a Krisenzäiten de solidaresche Modell hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer spillt.

An et brauch ee sech nëmmen aner Länner unzekucken, wou an dësen Zäite sécherlech keng Erhéijung vum Mindestloun virgesinn ass, wou keng Neiastellunge gemaach ginn, wou souguer Leit aus dem Statsapparat entlooss ginn. An ech kann et duerfir och scho bal net méi héieren, wann een an dësem Land, wou d'Zoustänn absolutt net si wéi an deene Länner ronderëm, dass dann hei vun Austeritéitspolitik geschwat gëtt.

De Mindestloun an eisen Nopeschlänner ass laang net esou héich wéi bei eis. A Frankräich läit e bei 1.648, an Holland bei 1.576, an der Belsch nach 2 Euro manner, bei 1.574, an an Däitschland bei 1.470 Euro.

Natierlech sinn déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg de soziale Mindestloun kréien, net mat Zoossiss ugestréckt, an dës Erhéijung wäert och net alles retten. Natierlech hu si vill Problemer, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat läit virun allem dorunner, dass, wann een zu Lëtzebuerg wunnt, d'Präisser, haaptsächlech fir ze wunnen, am Verglach zum Ausland enorm héich sinn an ee groussen Deel, ee vill ze groussen Deel vum Loun geet an dësen Deel vum Wunnen, also an d'Wunnpräisser. Am Kanton Esch wunnen déi meeschte Leit, déi de soziale Mindestloun kréien, 35,4%, an duerno kënnt de Kanton Lëtzebuerg mat 21,9%.

Déi Leit, déi de Mindestloun kréien, si ganz no derbäi, fir an d'Aarmut ofzerutschen, well d'Käschte fir ze liewen einfach ze héich sinn an ee klengen Incident de vie dësen dach fragillen Équiliber séier un d'Wackele brëngt an domadder d'Spiral fir an d'Aarmut séier lassgetratt ass.

De soziale Mindestloun spillt natierlech haaptsächlech fir déi, déi net vun engem Kollektivvertrag kënne profitéieren an déi also un esou Upassungen, wéi déi vun haut, ugewise sinn, fir en Ajustement vun hirem Loun ze kréien.

Ee Phenomeen dierfe mer och net aus den Ae loossen. De Phenomeen vun den „working poor", vun deenen also, déi trotz Aarbecht, déi, trotzdeem dass se all Dag opstinn, fir schaffen ze goen a sech drunzeginn, net genuch hunn, fir hiert Liewen a gudde Konditiounen, ënner uerdentleche Bedéngunge kënnen ze liewen. Dat muss engem Suerge maachen an deene Leit musse mer entgéintkommen, fir dass d'Liewe liewenswäert fir si bleift a si net ofrutschen, mat alle Konsequenzen, déi dat fir eis Gesellschaft huet.

An ech stinn heibannen net eleng do, wann ech der Iwwerzeegung sinn, dass, wann ee 40 Stonnen éierlech a gutt schaffe geet, een och muss d'Recht hunn, uerdentlech ze liewen an net fäerte muss, beim klengsten Incident ënnert d'Rieder ze kommen an d'Enner net méi beieneen ze kréien.

Dir Dammen an Hären, mir schwätzen hei vun enger grousser Zuel vu Leit. 57.747 Leit schaffen hei am Land fir de Mindestloun. Dat sinn iwwer 16%. D'Zuel vun de Mindestlounempfänger ass säit 2012 ëm 5.673 Leit an d'Luucht gaangen, a par rapport zu 2008, also viru siwe Joer, do waren et der nach 34.000, also ass et eng Progressioun vun 23.608 Leit, déi elo méi de Mindestloun kréie wéi 2008.

Dat spigelt natierlech och erëm, wat zurzäit an den Entreprisë lass ass, wou d'Kris nach ëmmer spillt a wou et deemno och nach ëmmer eng defensiv Haltung gëtt par rapport zu de Léin.

Ronn 26.000 Frae si Mindestlounbezéier, ronn 31.000 Männer si Mindestlounbezéier. Dat mécht, dass den Taux vun de Fraen, déi schaffe ginn an déi de Mindestloun kréien, zimlech héich ass, well manner Fraen u sech schaffe ginn.

Frae schaffen haaptsächlech am Commerce an am Horeca-Beräich. Bei de Männer ass et haaptsächlech de Bau, de Commerce an nach eng Kéier den Horeca-Beräich.

De geschatene finanziellen Impakt vun der Erhéijung mécht fir all d'Salairen d'Zomm vun 1,3 Milliounen aus. D'Hausse vun de Cotisatioune fir de Patron mécht 340.000 Euro aus a fir de Fonds pour l'Emploi ass et eng Méiausgab vun 80.450 Euro.

Den 28. November 2014 huet d'Regierung mat de Gewerkschaften en Accord getraff, dass de Mindestloun ëm 0,1% an d'Luucht goe soll. D'Chambre des Salariés gradesou wéi och de Statsrot hu bemierkt a kritiséiert, dass et déi zweete Kéier hannereneen ass, dass bei der Upassung vum soziale Mindestloun net parallell den RMG och mat gehéicht gouf. De Statsrot bemierkt zousätzlech, dass d'Regierung déi Analys iwwer RMG, soziale Mindestloun a Chômage soll an Ugrëff huelen.

D'Chambre des Métiers opposéiert sech aus Prinzip zu all Erhéijung vum soziale Mindestloun. Den Avis vun der Chambre de Commerce, deen ass eréischt de Moien erakomm, an d'Chambre de Commerce kann dës bescheiden Erhéijung vum soziale Mindestloun approuvéieren. Ech mengen, dass dat säit laange Joren erëm eng Kéier eng Première ass!

D'Chamberskommissioun huet sech an enger Réunioun dëse Projet de loi ugekuckt an huet à l'unanimité dësem Projet den Aval ginn. Ech géif Iech duerfir bieden, och hei dësem Projet de loi mat engem unanime Vote Ar Zoustëmmung ze ginn an domadder e kloert Zeeche fir dëse solidaresche Modell ze setzen.

Ech ginn domadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt emol dem Här Engel Merci soe fir deen detailléierte mëndlechen a schréftleche Rapport. Hien huet déi meeschte Saache gesot, soudatt et net méi néideg ass, datt ech op eenzel Detailer aginn.

Wichteg ass awer ze soen, datt u sech de Mindestloun an déi regelméisseg Erhéijung vum Mindestloun e wichtegen Aspekt vun der sozialer Kohäsioun an eisem Land ass. Dat muss ee ganz kloer soen. Et ass just iwwert dëse Wee, dee mer haut maachen, dee mer all zwee Joer maachen, wou mer regelméisseg de Mindestloun un d'Entwécklung, un d'Lounentwécklung upassen, datt déi do Leit eppes bäikréien, engersäits iwwert den Index an anerersäits just iwwert dëse Moyen, well se jo quasi net alleguerten ënner e Kollektivvertrag falen an u sech iwwert dee Wee näischt bäikréien.

Duerfir ass et also wichteg, och wann et - an och dat huet de Rapporteur gesot -, wann et eng minimal Upassung ass, dann ass et awer wichteg, datt se geschitt. An dann ass et awer extrem wichteg, datt mer u sech déi Prozedur net ënnerbriechen, mä datt mer an där bekannter Regelméissegkeet weiderfueren.

Ech wëll zum Ofschloss och nach soen, datt et, mengen ech, och fir eis Wirtschaft, all Kéiers dann, wa mer de Mindestloun erhéijen, géif ech emol behaapten, datt déi Sue virun allem eiser Wirtschaft...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wann ech gelift, fir de Moment huet just den Här Aly Kaes d'Wuert!

M. Aly Kaes *(CSV).-* ...zeguttkommen, well déi do Leit net onbedéngt déi sinn, déi den Haaptdeel vun hirem Akommes ausginn, fir Vakanzen ze maachen!

Mä leider hu se déi Moyenen net a mussen u sech fir den dagdeeglechen, bon, fir hiert dagdeeglecht Liewen déi Suen ausginn. Et ass schonn de Loyer genannt ginn, mä och all déi aner Elementer vum dagdeegleche Liewen, déi ginn domadder ofgedeckt. An ech mengen, da bleiwen net méi allze vill Suen, fir net ze soen, keng Sue méi iwwreg.

Dat heescht, all Euro, deen déi Leit kréien, kënnt der Lëtzebuerger Ekonomie zegutt. An duerfir kann ech dat nëmmen ënnerstëtzen, wat den Här Engel sot, datt u sech fir déi do Leit, datt mer ëmmer erëm, datt et wichteg ass, no deenen dote Leit ze kucken, well déi brauchen d'Suen am néidegsten!

An deem Sënn wëll ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Ech soe Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Kaes. Nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Et ass un Iech.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och dem Kolleeg Georges Engel Merci soe fir säi Rapport, deen hien hei gemaach huet, fir, mengen ech, déi klengsten Upassung vum soziale Mindestloun virzehuelen an der Geschicht vum soziale Mindestloun.

D'Regierung huet an engem Dokument vun iwwer 30 Säiten d'Evolutioun an d'Berechnung vum soziale Mindestloun festgehalen a konnt dann, opgrond vun deene Berechnungen, déi am Gesetz virgesi sinn, de Mindestloun op den 1. Januar 2015 ëm 0,1% héijen. Selbstverständlech net, datt déi Leit elo mengen, se kéinten direkt vill Geld ausginn, wëll ech hei betounen, datt dat brutto ass an net netto, wat se do bäigesat kréien.

Wat seet dee Chiffer vun 0,1% eis? Ma e seet eis an enger éischter Stell, datt d'Lounentwécklung an deene leschten zwee Joer och minimal hei am Land war. Et war also quasi keng Lounaugmentatioun mat 0,1%. A wann een dann awer weess, datt awer an deem engen oder anere Kollektivvertrag Lounaugmentatioune waren, da sinn op där anerer Säit d'Léin dann och zréckgaang!

Ech mengen, dat muss een also emol festhalen, well jo och verschiddentlech gesot gëtt, d'Lounaugmentatiounen hei zu Lëtzebuerg, déi hätten eng terribel grouss Progressioun. Ech mengen, hei ass eng Berechnung gemaach ginn, déi am Fong festhält, datt mer an deenen zwee Joer 2012 an 2013 keng Lounaugmentatiounen hei zu Lëtzebuerg haten.

0,1%, wéi gesot, dat ass déi klengsten Augmentatioun, déi mer jeemools haten. An et hu Virriedner elo hei geschwat vun engem staarken Zeechen, vun enger moralescher Ënnerstëtzung an Unerkennung, déi déi 0,1% do hunn. Mä ech mengen, wa mer et e bësse méi global kucken a mer gesinn, datt déi Leit dann, déi de Mindestloun hunn, 1,93 Euro brutto de Mount bäikréien - 1,93 Euro brutto! -, an déi vum qualifizéierte Mindestloun kréien 2,33 Euro de Mount bäi.

Déiselwecht Leit mussen awer vum 1. Januar un och méi TVA bezuelen, vun den 3% bleiwen déi 2%, méi TVA bezuelen. Se mussen och... een Deel vum Mindestloun musse se déi 0,5% Steier bezuelen an och déi Steier, déi se kréien...

(Interruption)

Dach, si mussen och een Deel bezuelen. En ass net ganz fräi, de Mindestloun.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.-* Neen, neen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Ass e ganz fräi oder dräi Véirels?

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.-* En ass ganz fräi.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Ass e ganz fräi? Dann zéien ech dat zréck. Dann hunn ech dat net gesot. Also ech war der Meenung elo, et wieren dräi Véirels vum Mindestloun, wat fräi wier.

(Interruptions diverses)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Maacht eis net méi schlecht wéi mer sinn!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Jo, dat ass zwar schwéier, fir Iech nach méi schlecht ze maachen, Madame Loschetter, wéi Der sidd. Also dat brëngen ech emol net méi fäerdeg. Dat maacht Dir esou exemplaresch selwer, datt ech do souguer machtlos heiansdo sinn, fir Iech nach méi schlecht ze maachen, wéi Der sidd. Do muss een Iech drëm beneiden. Et huet selten een dat esou séier fäerdegbruecht, wéi d'Gambia dat fäerdegbruecht huet!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Adresséiert Iech och elo erëm direkt un d'Chamber, Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Här President, Dir hutt vollkomme recht. Et huet, Här President, nach ni eng Regierung esou séier et fäerdegbruecht, fir sech esou schlecht dohinnerzestellen, wéi d'Gambia dat gemaach huet. Ech wollt, Här President, der Chamber dat ausdrécklech nach eng Kéier soen.

(Brouhaha)

Et ass elo ze hoffen, datt d'Leit mat där Augmentatioun vun deenen zwee Euro net och nach an eng aner Grupp vun de Steiere falen, Här President, well da misste se och nach méi Steiere bezuelen. Dat kéint och nach de Fall sinn.

A wat een awer och nach feststellt, dat ass, datt d'Zuel vun de Mindestlounbezéier enorm an de leschte Joren, de Kolleeg Engel huet dat hei genannt, enorm an d'Luucht geklommen ass, datt mer haut bei quasi 57.000 Leit ukomm sinn, déi musse mat dem Mindestloun hei zu Lëtzebuerg liewen.

Wann Der haut, Här President, d'„Tageblatt" gelies hutt, dat huet op der Säit 2 eng relativ interessant Publikatioun gemaach, wou et am Fong seet, datt d'Verméige vun deenen 80 räichste Mënschen op der Welt sech tëschent 2009 an 2014, dat heescht also a fënnef Joer huet deenen hiert Verméige sech verduebelt. Verduebelt a fënnef Joer vun deenen 80 räichste Leit vun der Welt!

An 80% vun der Mënschheet hu 5,5% vum Wuelstand vun der Welt. An 2010 huet et nach 388 Milliardäre gebraucht, fir de Wuelstand vun 80% ze representéieren. An déi hunn haut esou vill Räichtum, esou vill Geld, datt am Fong 80 Milliardären haut duerginn, fir de Räichtum duerzestellen, deen 80% vun der Mënschheet zesummen als Räichtum hunn!

An dat sinn am Fong déi Chifferen, déi eis global mussen ze denke ginn. Datt mer amgaang sinn, eng Entwécklung ze maachen, wou mer eng Zwouklassegesellschaft schafen a wou ëmmer méi eng kleng Zuel vu Mënschen op der Welt vill méi räich gëtt an d'Mass vun de Leit gëtt ëmmer méi aarm!

A mir mussen dat och hei zu Lëtzebuerg gesinn. Well wann d'Zuel vun de Mindestlounbezéier sech quasi an de leschten zéng Joer verduebelt huet a mer haut op 57.000 sinn, wat ongefëir 16% vun de Leit, déi schaffe ginn, ausmécht, déi hei zu Lëtzebuerg de Mindestloun oder ëm de Mindestloun verdéngen, da musse mer eis doriwwer eng Fro stellen.

Well gläichzäiteg hu mer festgestallt an deene leschte Joren, datt d'Zuel vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg ënnert d'Aarmutsgrenz falen, datt déi vun 10, 11, 12, 13, 14 op elo 15% eropgaangen ass. Mir hunn also praktesch esou vill Leit hei am Land, déi de Mindestloun verdéngen, wéi mer och gläichzäiteg Leit hei am Land hunn, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen.

An duerfir ass et dach awer schonn e bësse gelungen - fir mech net aneschters auszedrécken -, wa mer hei elo dat als eng grouss Errun-

genschaft duerstellen, datt mer de Mindestloun haut ëm 0,1% héijen, wéi wann dat e symboleschen Akt wier, eng moralesch Unerkennung wier. Ëm Gottes wëllen! Leit, wou mer hei zu Lëtzebuerg eng Debatt féieren, fir deenen emol keng zwee Euro de Mount bäizesetzen, dat ass natierlech... sollte mer da selwer soen, datt mer dat dote gemaach hunn, mä mir sollten et wann ech gelift net iwwert de grénge Kléi och nach luewen.

Et ass an der Lescht och nach en Accord getraff ginn tëschent der Regierung an der UEL, wou am Fong de bestehende Mindestloun, wat de qualifizéierte Mindestloun ubelaangt, sollt enger Reform ënnerzu ginn. Mir wieren och frou, wann den Här Aarbechtsminister eis géif vläicht e bësse méi prezis soen, wat am Fong domadder geduecht ass.

Well et ka jo net sinn, datt mer nach eng Verschlechterung vum Mindestloun oder vum qualifizéierte Mindestloun géifen unhuelen. Well alleguer déi Leit, déi hei am Land musse mat deem dote Mindestloun liewen, dat sinn, op gutt Lëtzebuergesch gesot, lauter aarm Schwäin. Dat si lauter aarm Schwäin, well déi Leit musse wierklech all Euro, och déi manner wéi zwee Euro, déi se derbäikréien, siwemol ëmdréien, ier se e kënnen ausginn, wann ee weess, wat alles kascht.

Et ass haut vum Logement geschwat ginn, mä et ass net nëmmen de Logement. Kuckt emol, wat déi Leit do getraff gi vun enger TVA-Erhéijung! Kuckt emol d'Taxenerhéijungen nëmmen, déi d'Gemenge maachen um Waasser, op de Poubellen! Eis gréng Kolleege soen, mir sollen net iwwert de Präis schwätzen, mä mir sollen iwwert den Dreck schwätzen. Neen, d'Leit géifen och gären iwwert de Präis schwätzen.

Kuckt emol, wéi vill héich Rechnungen d'Gemengen haut ausstellen, wat d'Waasser, d'Ofwaassertaxen, d'Kanaltaxen, alles ubelaangt, wat dat d'Leit kascht! Dat si méi wéi zwee Euro de Mount, wou déi Leit do musse vill weider verdéngen. A schwätzt emol mat de Gemengen, an et si jo vill Buergermeeschteren heibannen, gitt emol bei Äre Receveur kucken a frot emol, wéi ëmmer méi Leit Problemer kréien, fir hir Rechnungen an de Gemengen ze bezuelen! Do sinn alleguer déi dote Leit direkt betraff!

An et ass e bëssen heuchleresch, wa mer hei an der Chamber soen, mir mussen eng Politik maachen, wou mer grad déi Leit um ënneschten Niveau net treffen, datt mer solle kucken... Et ass ëmmer geschwat gi vun de breede Schëlleren, déi solle méi droe wéi déi schmuel Schëlleren. Mä wat ass d'Resultat vun där Politik, déi mer permanent hei maachen?

Mir schwätzen zwar dovun, déi breet Schëllere solle méi droe wéi déi schmuel Schëlleren. An da komme mer hei mat 0,1% a maachen, wéi wa mer Gott weess wat elo fir déi Leit um ënneschten Niveau gemaach hätten! A parallell dozou hiewe mer d'TVA, d'Steieren, d'Taxen an esou virun, wou déi Leit honnertmol méi getraff gi wéi déi zwee Groschen, déi se hei bäigesat kréien!

Et ass wichteg, datt mer dee Projet stëmmen, mä, wann ech gelift...

(Interruption)

Majo sécher ass et wichteg, datt mer e stëmmen!

(Interruptions diverses)

Ma et wier och nach gefeelt, Dir hätt se gekierzt! Ma ech wëll lech awer just...

(Interruption par M. Georges Engel)

Neen, neen. Ech wëll lech just hei de Spigel virun d'Gesiicht halen, wou Der hei opgetratt sidd,...

(Interruption par M. Georges Engel)

...Är Majoritéit opgetrueden ass, wéi wa Gott weess wat mat deenen 0,1% geschitt wier. An Dir hutt ganz vergiess de Leit ze soen, wat Der deeneselwechte Leit an deene leschte Wochen a Méint duerch Är politesch Décisiounen opgebrummt hutt. Dat ass dat Honnertfacht vun deem, wat Der elo hei bäigitt!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Nächste Riedner ass den Här André Bauler. D'Explikatioun zu där e bësse méi onorthodoxer Riedfolleg: Vu dass mer de Mindestloun haut derbäigeholl hunn, war déi lescht Versioun nach net bei mir ukomm. Entschëllegt, Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler *(DP).-* Merci, Här President. Irren ist menschlich. Dat ass kee Problem.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen, wéi gesot, haut eng ganz kleng Erhéijung vum gesetzleche Mindestloun. Et kéint ee bal soen, datt et bei esou enger niddreger Hausse bal net derwäert gewiescht wier, fir e Projet de loi ze maachen. Mir sinn allerdéngs der Meenung, datt dat e falscht Signal vun der Politik gewiescht wier, fir den Automatismus bei den Upassungen ze ënnerbriechen. Duerfir ass et richteg, datt dësen Text haut zum Vote steet.

Här President, ech erlabe mer, fir an dësem Kader e klenge Bléck iwwer eis Grenzen ze geheien. An deene meeschte Länner vun der Europäescher Unioun, et sinn der 21 vun deenen 28, ass de gesetzleche Mindestloun e feste Bestanddeel vun der Politik, wann een emol vu Groussbritannien ofgesäit, dat sech nach ni esou richteg mat engem staarke Sozialstat konnt ufrënden.

Et ass net verwonnerlech, datt eise Mindestloun mat bal 11 Euro d'Stonn deen héchsten an Europa ass, während zum Beispill a Bulgarien, a Rumänien knapp 1 Euro d'Stonn bezuelt gëtt. Hei däerf een natierlech déi ënnerschiddlech ekonomesch Situatioun a Liewensbedéngungen net vergiessen. Mä awer weisen dës Zuelen, datt et an der Europäescher Unioun e ganz staarkt Loungefäll gëtt.

Zanter dem 1. Januar 2015 gëllt och an Däitschland e gesetzleche Mindestloun vun 8,50 Euro d'Stonn. Dëst ass fir Lëtzebuerg, fir d'Konkurrenzfäegkeet vun eiser Ekonomie, eng gutt Saach, well et muss ee sech nämlech ëmmer nees virun Aen halen, datt Lëtzebuerg, eist Land, staark konkurrenzéiert gouf, well de groussen däitschen Noper kee Mindestloun hat a plazeweis, kann ee souguer soen, abstrus niddreg Stonneléin bezuelt huet!

Här President, Lëtzebuerg ass e Land, dat esou Verhältnisser vun Dumpingléin an „working poor", generell gekuckt, net kennt. Ausser et handelt sech ëm Mëssbräich, zum Beispill ëm Leit, déi net ugemellt sinn oder wieren.

Mir hunn, am Géigesaz zu Däitschland, eng laang Traditioun mam Mindestloun. An d'DP huet traditionell all Mindestlounerhéijung gestëmmt a wäert mat där Traditioun och haut net briechen.

Den 18. Dezember 2008 hat mäi Kolleeg Alexander Krieps zu deemselwechte Sujet Positioun fir eis Fraktioun bezunn. Deemools, also kuerz nodeem d'Kris ausgebrach war, an och e puer Joer méi spéit, nämlech 2012, koum et hei am Land zu enger Adaptatioun vum gesetzleche Mindestloun. Dës Upassung soll grad deene Salariéen hëllefen, déi um ënneschten Träpplek vun der sozialer Leeder stinn an dacks riskéieren, vun Aarbechtslosegkeet getraff ze ginn, well se net héich qualifizéiert sinn an duerfir meeschtens enger stereotyper oder méi einfacher Aarbecht noginn, déi zimlech séier ewechrationaliséiert ka ginn.

Et sinn dëst Leit, an dat solle mer op kee Fall aus den Ae verléieren, fir déi de sougenannten „soziale Lift" manner oder guer net spillt. Si heescht et ze schützen, zemools wou si enger Schaff noginn, déi net ëmmer déi agréabelst ass a fir déi si etlech Mol e wäite Wee hin an zréck op sech huelen. Si schaffen op enger Plaz, wou se net vun engem Kollektivvertrag profitéieren, deen hinnen een dezente Loun garantéiert.

Ech wëll nach eemol drun erënneren, wat de Kolleeg Alexander Krieps schonn 2008 ganz treffend hei op dëser Tribün sot: „D'Adaptatioun vum Mindestloun", sot hien, „dat ass de Kollektivvertrag vun deene Leit, déi keen esou ee Vertrag hunn."

Här President, aus reng mënschlecher a sozialer Siicht ass a bleift et richteg a wichteg ze soen, datt een, dee schaffe geet, och vu senger Aarbecht muss kënne liewen. Mir als DP stinn zu dëser Ausso! De Mindestloun ass e Garant derfir.

De soziale Mindestloun muss awer och a sengem ekonomesche Kontext gekuckt ginn. Wa mer héich Léin allgemeng bezuele wëllen, da spille Facteure wéi Konkurrenzfäegkeet, d'Besteierung vun de Betriber, d'Produktivitéit an esou weider eng net ze ënnerschätzend Roll. Doriwwer eraus ass och d'Weiderbildung vum Personal an de Betriber eng Bedéngung, fir datt ee Salarié sech, vu sengem Loun hier gekuckt, weiderentwéckele kann.

Här President, ech wëll awer och emol drop hiweisen, datt et Patrone gëtt, déi net héich qualifizéierte Leit d'Chance ginn, fir sech an engem Betrib duerch hiren Engagement an duerch Fläiss ze beweisen a sech esou och eropzeschaffen. Ech selwer hu schonn d'Experienz gemaach, wou Patronen aus dem Mëttelstand jonke Leit, déi sech beméien an asetzen, e méi héije Loun bezuele wéi de virgeschriwwene gesetzleche Mindestloun.

Ech warnen also och hei virun enger Stigmatiséierung vun de Patronen, och wann et ënner hinnen ëmmer nees vereenzelt schwaarz Schof ka ginn, déi kengem eng Chance ginn. Mä wou gëtt et dës schwaarz Schof net? Do froen ech och léiwer net no, wéi gutt an esou enge Betriber den Aarbechtsklima entwéckelt ass a wéi sech esou eng Ambiance op d'Qualitéit vum Service nidderschléit. Do, wou „hire and fire", wéi dat esou schéin heescht, um Menü stinn, ka keng gutt Aarbecht geleescht ginn. Esou Betriber riskéieren dacks, Schëffbroch ze erleiden.

Här President, fir eis als DP ass de Mindestloun, wéi scho gesot, en Element vun der sozialer Gerechtegkeet. An duerfir stëmme mir och fir dëse Projet de loi. Mir wëllen awer och e feste Bléck op d'Lounentwécklung behalen an alles drusetzen, datt sech méi Betriber derzou engagéieren, fir Leit anzestellen, déi net weider qualifizéiert sinn, déi awer bereet sinn, ze schaffen, an déi och net scheien, fir sech an de Betriber eropzeschaffen, sief et duerch hiren alldeeglechen Asaz an hire Fläiss, sief et duerch Weiderbildungen, déi si méi fit fir den Aarbechtsmaart maachen.

Ech schléissen of, Här President, andeems ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Goerges Engel, fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Bericht Merci soen, a ginn natierlech dann och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här André Bauler. Nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia, mat der Riedfolleg, d'selwecht Erklärung. Ech hat déi virlescht Fiche consultéiert. Autant pour moi. Et ass un lech.

M. Gérard Anzia *(déi gréng).-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech schléisse mech un dee Merci vu mengem Virriedner un, un de Rapporteur Georges Engel, fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport a wëll awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi gréng frou sinn, dass mir zu Lëtzebuerg deen Automatismus vun der Iwwerpréiwung vun all zwee Joer hunn.

Och wann déi Kéier eben déi Augmentatioun ganz kleng ausfält, mat deenen 0,1%, si mer der Meenung, dass dat awer eng Errungenschaft ass, déi et net an all europäeschem Land ginn ass. An duerfir soll een dat och als positiv ervirsträichen.

Heimat géif ech och den Accord vun där grénger Fraktioun fir dëse Projet de loi erabréngen. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Anzia. Dann huet d'Wuert den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Jo, Merci, Här President. Selbstverständlech wäerte mir och fir déi Erhéijung vum Mindestloun vun 1,93 Euro brutto stëmme fir déi vill Leit, déi dervu betraff sinn. Et ass schonn hei gesot ginn, et sinn de Moment, mengen ech, 40.000 Leit am Land, déi fir de Mindestloun schaffe ginn. An doriwwer leien och nach ganz Kategorië vu Leit, déi net vill méi verdéngen. Dat heescht, dee Phenomeen vun den „working poor", vun deem schonn hei geschwat ginn ass, dat heescht vun deene Leit, déi aarm sinn, obscho se schaffe ginn, ass och zu Lëtzebuerg eng Realitéit.

De Rapporteur huet gesot, eis Nopeschlänner, déi géifen all méi en niddrege Mindestloun bezuelen. Ech muss do soen, den Nettomindestloun am Verglach zur Aarmutsgrenz, dee läit zu Lëtzebuerg ganz kloer ënnert der Aarmutsgrenz, während en an den Nopeschlänner, wéinstens do, wou et e schonn eng Zäit laang gëtt, iwwert der Aarmutsgrenz läit, obschonn en elo net am Montant vläicht iwwer eisem Mindestloun läit.

Dat heescht, esou brillant steet eist Land guer net do, wat de Mindestloun ugeet. Wat awer selbstverständlech net wëllt heeschen, dass et net eng gutt Saach ass, dass de Mindestloun och un d'Lounentwécklung ugepasst gëtt. Wat natierlech problematesch ass, dat ass, dass d'Lounentwécklung am Duerchschnëtt esou niddreg ass a souguer zréckgaangen ass.

Zum Beispill huelen ech ee Secteur, de Botzsecteur, do ass et ganz kloer, dass ganz schlecht Léin ausbezuelt ginn. Ech soen och souguer hei: D'Regierung ass net onschëlleg dorunner. Well grad an deem Secteur gëtt scho jorelaang, zéng Joer laang, de Kampf gefouert fir d'Unerkennung vun de qualifizéierte Mindestléin vun deene Leit, déi do schaffen, dee viru Kuerzem en Deelerfolleg virun de Geriichter kritt huet.

An elo gëtt am leschten Accord mam Patronat deen Acquis social, deen zéng Joer laang prozesséiere kascht huet, net vun enger eenzelner Persoun, vun Honnerte vu Persounen, fir dass se hir Situatioun, wat eng qualifizéiert Situatioun ass, no enger gewëssener Zäit, dass déi endlech unerkannt gëtt. Wat mécht d'Regierung elo? Si seet: Mir ginn de Patrone recht a mer ënnersichen emol, ob dat net zu Onrecht décidéiert ginn ass do vun de Geriichter.

Et gëtt gesot, dat däerf keen absolutten Automatismus sinn, dass do de Loun einfach no zéng Joer klëmmt, wann net eng entspriechend Qualifikatioun domat verbonnen ass. Dobäi muss ech awer soen, och an deenen Uerteeler ass dat souwisou Bestanddeel dovunner, dass gekuckt gëtt prezis, déi Persoun, ob se och eng gewësse Qualifikatioun konnt kréie während där Zäit, wou se geschafft huet. Do mussen Zeie gehéiert ginn an esou weider. Dat ass also keen Automatismus, wéi ech emol héieren hunn dorëmmer, wat déi Fro do ugeet.

Den Här Engel huet virdru gesot, an dat huet mech awer e bësse rose gemaach, e kéint net méi dat Wuert „Austeritéit" héieren. Ech verstinn, dass en d'Argumenter vun de Gewerkschaften net méi kann héiere bei all deem, wat d'Regierung mécht, well dat si grad d'Gewerkschaften, déi vun Austeritéit schwätzen. Ech mengen, dass dat Ganzt sech areit an eng gesamt Politik vun der Regierung, déi drop erausleeft, fir d'sozial Rechter, déi zu Lëtzebuerg effektiv staark strukturéiert sinn, iwwer verschidde Methoden, an de Mindestloun ass sécher eng Method dovunner...

Déi Liberal, déi Wirtschaftsliberal sinn ëmmer géint de Mindestloun gewiescht. Firwat? Well se dergéint sinn, dass iwwerhaapt iergendeng Instanz, iergende Stat sech amëscht an d'Fixatioun vun de Léin. An duerfir ass och ëmmer d'Ofschafung vun deenen Automatismen, oder wéinstens d'deelweis Ofschafung dovunner, eng Fuerderung vun der Union des Entreprises, vun der Chambre des Métiers, déi iwwregens ganz gutt liewen, den Här Kuhn an esou weider, vun deenen Opträg vun der Regierung. Och de Botzsecteur lieft ganz gutt vun den Opträg vun der Regierung.

An dobäi handelt et sech a béide Secteuren ëm Aarbechtsplazen, déi un den Territoire gebonne sinn. Do kann een net soen „d'Konkurrenz vu baussen" an esou weider, wéi ech den Här Schneider héieren hunn. Déi Aarbechtsplaze sinn hei gebonnen. Déi Büroe sinn hei zu Lëtzebuerg, wou gebotzt gëtt. Et gëtt also keng Ursaach, fir mat Argumenter vun internationaler Kompetitivitéit do Saachen a Fro ze stellen. An déi Saache ginn awer a Fro gestallt. Déi Saache gi ganz kloer elo a Fro gestallt, wat de qualifizéierte Mindestloun ugeet, wou een hanner Uerteeler erëm wëllt zréckkommen.

An do ass d'Regierung schold dorunner, dass se deen Accord mat de Patronen ënnerschriwwen huet.

E weidere Beräich vun deenen Ugrëff, dat ass de Salaire social minimum formation, vun deem vill geschwat gëtt. Ech huele jo net un, dass déi Leit, déi eng Formatioun maachen, méi Mindestloun solle kréien, mä dass se manner Mindestloun solle kréien.

Dat ass erëm eng Kéier esou en Agrëff an deen Automatismus, dee mer hei vum Mindestloun hunn, deen automatesch all Mount festleet, wann d'Léin insgesamt klammen, dass och de Mindestloun klëmmt. Dat ass erëm esou en Agrëff doranner, iwwerhaapt an d'Fixatioun vun engem Mindestloun, well do gëtt jo gesot: De Mindestloun fir déi Leit, déi a Formatioun sinn, ass net emol déi Zomm, déi mer hei genannt hunn an déi kaum duergeet, fir ze liewen, mä et ass nach manner.

Duerfir mengen ech, dass et keen Ulass gëtt, fir hei ze ruffen: „Kuckt emol, wat hu mir fir e flotte Sozialstat hei!" Et ass e Sozialstat, deen amgaangen ass, scheibcheweis a schrëttweis ofgebaut ze ginn. An dat ass den eigentleche Problem. Et géif och nach wierklech feelen, dass Der de Mindestloun allgemeng géift ofschafen!

Nach eng Kéier: Ech stëmme selbstverständlech fir dee Projet hei, mä ech wollt awer d'Geleeënheet net verpassen, fir e puer Saachen hei nach un de Mann ze bréngen.

Merci.

(Interruption)

An un d'Fra.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Urbany. An d'Wuert huet den Här Aarbechtsminister, den Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.-* Dir Dammen an Dir Hären, ech soen natierlech dem Rapporteur villmools Merci, mä ech muss e puer Observatioune maachen, well ech hunn d'Impressioun, datt verschidde Leit net dat nämlecht héieren hunn, wat ech héieren hunn.

Éischtens hunn ech bei kengem eng absolutt Begeeschterung festgestallt fir dee Projet hei. Ech hunn net hei héieren, datt ee gesot hätt,

dat wier elo ee vun deene gréisste Projeten, dee mer an der leschter Zäit oder an der nächster Zukunft wäerte stëmmen.

Hei geet et ganz einfach ëm eng Mécanique. An déi Mécanique ass d'Upassung vum Mindestloun un déi normal Evolutioun vun de Salairen. An ech deelen dat, datt d'Salairen an deene leschten zwee Joer praktesch net geklomme sinn. Dat stelle mer fest. A besonnesch déi, wou mer jo ëmmer héieren, datt Lëtzebuerg dat Land ass, wou d'Salairen explodéieren, kréien eigentlech hei bewisen, datt d'Salairen hei zu Lëtzebuerg, déi zwee lescht Joren, wat jo och Jore waren, wou Lëtzebuerg affektéiert war vun der Kris, souwuel am Bankesecteur wéi och an anere Secteuren, datt hei d'Salairen net déi Spréng gemaach hunn, déi ons ëmmer presentéiert ginn.

Dat Zweet ass, ech hunn och keen heibannen héieren, Här Urbany, deen de Mindestloun a Fro gestallt hätt. Ech hu jiddweree ganz kloer sech expriméieren héieren, datt de Mindestloun e wesentleche fundamentale Bestanddeel vun eisem Sozialsystem ass. An et ass kee Mënsch, deen dee Mindestloun a Fro stellt.

A grad well mer de Mindestloun als en essenzielle Bestanddeel vun eisem System ugesinn, hu mer décidéiert, déi marginal Augmentatioun vun 0,1% ze maachen. Wat hätt Dir gesot, wa mer gesot hätten: „Boff, 0,1%, manner wéi 2 Euro brutto - wéi Der richteg sot -, dat ass net derwäert, fir hei d'Chamber elo esou laang ze mobiliséieren, a mir ginn einfach doriwwer ewech a mir setzen dat iergendwou hin a mir kucken dat vläicht an engem oder an zwee Joer unzepassen."? Dann hätt ech lech gär héieren, wat Der da gesot hätt! Wat wier dann Ar Reaktioun gewiescht?

Duerfir gëtt och ëmmer vergiess... Et ass sécher, datt gewësse Punkte vun Upassungen an esou weider stattfannen. Mä et gëtt awer och derbäi vergiess, datt de Mindestloun indexéiert ass, wéi all déi aner Salairen och, an dës Regierung décidéiert huet, datt den Index en vigueur bleift. Dat heescht, bei all Indextranche, déi erfollegt... A wann et jo all déi Augmentatioune gëtt, déi Dir jo beschriwwen hutt, dann heescht dat jo och, datt de Mindestloun dann ugepasst gëtt ëm net 0,1, mä 2,5%. Mir hunn also weider hei zu Lëtzebuerg d'Indexatioun, déi sech och op de Mindestloun applizéiert.

Ech hunn och net verstanen, wou d'Afrostellung vum qualifizéierte Mindestloun soll sinn. Wat mer natierlech mussen diskutéieren, dat sinn d'Situatiounen, wou effektiv d'Recht op de qualifizéierte Mindestloun kënnt, wat an deenen Texter, déi am Code du Travail stinn, net ganz prezis duergeluecht ass. An ech mengen, et muss méiglech sinn, doriwwer mat de Sozialpartner ze diskutéieren.

Iwwregens, dee Secteur, deen direkt concernéiert ass, Här Urbany, an Dir hutt et mentionnéiert, ass komescherweis net e Secteur, wou et kee Kollektivvertrag gëtt. Am Botzsecteur gëtt et e Kollektivvertrag, och wann déi Négociatioune momentan blockéiert sinn.

Wat mer awer feststellen, dat ass, datt et an all deene Secteuren, wou héich Proportioune vu Salariéen de Mindestloun kréien, kee Kollektivvertrag gëtt. Et gëtt Secteuren, wou 60% vun deene Leit, déi do schaffen, de Mindestloun kréien. An dat si praktesch ëmmer Secteuren, wou et kee Kollektivvertrag gëtt. A mir mussen also driwwer och nodenken, awéiwäit mer och musse probéieren, d'Kollektivvertragswiesen hei zu Lëtzebuerg weider auszedehnen.

An dann, d'Thema vun der Pauvretéit ass en Thema, wat iwwert de Mindestloun ewechgeet. Natierlech ass et essenziell, datt et, éischtens emol, derwäert ass schaffen ze goen - ech mengen, do si mer all d'accord -, mä datt et awer och richteg ass, datt, wann ee schaffe geet, een net an d'Aarmut ka gestierzt ginn. An dat ass natierlech e Problem, dat geet iwwert de Mindestloun eraus.

Dat ass e Problem vu Loyeren, dat ass e Problem vun alle méigleche Käschten, déi op d'Leit zréckfalen. An duerfir hu mer jo awer och - dat muss ee jo awer derbäisoen - eng ganz Rei vun Ausgläichsmoossnamen, déi iwwer Complémente bezuelt ginn, besonnesch bei deene Familljen, wou de Verdénger e Mindestlounbezéier ass, an déi Kanner an déi Familljen hunn, wou dann iwwer aner Mechanismen en Ausgläich geschitt.

An ech mengen, dat ass d'Wichtegkeet, dat ass d'fundamental Wichtegkeet vum Sozialstat. A kee Mënsch huet d'Elementer vum Sozialstat jee hei a Fro gestallt. An ech mengen, mir sinn ons bewosst, datt mer derfir suerge mussen, datt d'Lëtzebuerger Gesellschaft net auserneebrécht an datt et net Leit gëtt, déi komplett décrochéieren. Da musse mer och déi Mechanisme weider halen an heiansdo och upassen, voire ausbauen.

An ech mengen, an deem globale Kontext muss een och déi Décisioun hei gesinn, datt mer eben de Prinzip ganz einfach hei wëllen affirméieren, datt de Mindestloun net dierf décrochéiere par rapport zu der allgemenger Entwécklung vun de Léin.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Aarbechtsminister.

Mir sinn domat um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6766 kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6766 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass eriwwer. A vun deene 60 Deputéierten, déi ofgestëmmt hunn, hu sech der 60 fir de Projet ausgeschwat.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers (par Mme Diane Adehm), Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

An domat bleift mer just nach d'Fro ze stellen, ob Der d'Dispens vum zweete Vote gitt.

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

Domat si mer um Enn vun eiser Réunioun ukomm. Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer fir d'Debatt zu der Erklärung vum Statsminister vun de Mëtten.

(Fin de la séance publique à 18.09 heures)

SÉANCE 21

MERCREDI, 21 JANVIER 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Communication

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

3. Débat sur la déclaration de M. le Premier Ministre, Ministre d'État, sur l'accord entre l'État et les communautés religieuses établies au Grand-Duché de Luxembourg

- *M. Gast Gibéryen*
- *Débat: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger (interventions de M. Claude Wiseler), M. Alex Bodry (M. Roy Reding pose une question) (dépôt d'une résolution et d'une motion), M. Claude Adam (M. Claude Wiseler intervient), M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (M. Serge Urbany intervient), M. Gast Gibéryen (parole après ministre), M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (M. Claude Wiseler intervient), M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur (M. Claude Wiseler intervient), M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Gast Gibéryen (parole après ministre)*
- *M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Fernand Kartheiser (fait personnel)*
- *Résolution 1: M. Roy Reding, M. Serge Urbany*
- *Vote sur la résolution 1 (adoptée)*
- *Motion 1: M. Roy Reding, M. Serge Urbany*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

4. 6533 - Projet de loi relatif à l'organisation du marché de produits pétroliers

- *Rapport de la Commission de l'Économie: M. Frank Arndt*
- *Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Max Hahn, M. Gérard Anzia, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, M. Michel Wolter (parole après ministre), M. le Ministre Etienne Schneider, M. Claude Wiseler*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 6667 - Projet de loi portant transposition de la directive 2011/77/UE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2011 modifiant la directive 2006/116/CE relative à la durée de protection du droit d'auteur et de certains droits voisins et ayant pour objet de modifier la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et les bases de données

- *Rapport de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 6700 - Projet de loi portant approbation de l'amendement au Protocole de Kyoto à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques, adopté à Doha le 8 décembre 2012

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 6716 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur l'accès aux ressources génétiques et le partage juste et équitable des avantages découlant de leur utilisation relatif à la Convention sur la diversité biologique, conclu à Nagoya le 29 octobre 2010

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Gérard Anzia*
- *Discussion générale: M. Laurent Zeimet, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Romain Schneider, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch, Mmes Corinne Cahen et Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)